

## Evangelium vum 1. Adventssondeg (Joer A)

### Mt 24,29-44

G. *Den Här sief mat iech all.*

A. *An och mat lech.*

G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Matthäus.*

A. *Dir all Éier, Här.*

29 De Jesus sot zu senge Jünger:

"Direkt no där grousser Nout vun deenen Deeg

*verdäischtert d'Sonn sech,*

*an de Mound gött kee Schäi méi,*

*an d'Stäre fale vum Himmel erof,*

*an d'Himmelskräften<sup>ii</sup> erzidderen.*

30 An dann erschéngt d'Zeeche vum Mënschejong um Himmel,

an da schloen all d'Volleksstämm, déi op der Äerd sinn,

sech un d'Broscht,

an si gesinn *de Mënschejong,*

*dee mat Kraaft a grousser Herrlechkeet*

*op de Wolleke vum Himmel kënnt<sup>iii</sup>.*

31 Mat mächtigem Trompettespill schéckt hien seng Engelen eraus,

an si féieren seng Auserwielt

aus deene véier Himmelsrichtungen zesummen,

vun engem Enn vum Himmel bis un dat anert.

32 Vum Figebam awer kënnt dir dëst Gläichnes léieren:

Wann seng Äscht Saaft zillen

an d'Blieder ufänken auszeschéissen,

gesitt dir, datt et gläich Summer gött.

33 Erkennt also och, wann dir dat alles gesitt,

datt de Mënschejong virun der Dier steet!

34 Amen, ech soen iech:

Dës Generatioun vergeet net, bis dat alles geschitt ass.

35 Himmel an Äerd verginn,

meng Wieder dergéint verginn ni.

- 36 Iwwer deen Dag an déi Stonn awer weess keen eppes,  
weder d'Engelen am Himmel,  
nach de Jong,  
nëmme just de Papp eleng.
- 37 Well esou wéi zur Zäit vum Noah ass et och,  
wann de Mënschejong kënnt.
- 38 Esou wéi d'Leit an deenen Deeg virun der Sintflut  
giess a gedronk hunn,  
sech bestuet hunn a bestuet gi sinn,  
bis deen Dag, wou den Noah an d'Arch eragaang ass,  
39 an esou wéi si näischt an Uecht geholl hunn,  
bis d'Sintflut komm ass an si alleguer mat ewechgeholl huet,  
esou ass et och, wann de Mënschejong kënnt.
- 40 Vun zwee Leit, déi um Feld sinn,  
gëtt ee matgeholl, an ee gëtt dogelooss;  
41 vun zwou Fraen, déi mat der Mille muelen,  
gëtt eng matgeholl, an eng gëtt dogelooss.
- 42 Duerfir waacht,  
well dir wësst net, wat fir en Dag ären Här kënnt!
- 43 Mierkt iech dat hei:  
Wann den Haushär wësst,  
a wat fir enger Nuetswuecht den Déif kënnt,  
da géif hie waachen  
an net zouloossen, datt bei him doheem agebrach gëtt.
- 44 Duerfir haalt och dir iech prett,  
well de Mënschejong kënnt zu enger Stonn,  
wou dir net drop gefaasst sidd!"

G. *Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*

A. *Dech, Christus, luewe mir.*

---

<sup>i</sup> *Is 13,10.*

<sup>ii</sup> *Is 34,4.*

<sup>iii</sup> *Dan 7,13.*